
# News 2019



Action Avenir Haïti

# Viruuert



„Égalité des chances et du traitement" gëtt zu Lëtzebuerg grouss geschriwwen. Jiddwereen soll dat selwecht Recht hunn vir alles erreechen ze kënnen, kee soll méi schlecht behandelt ginn ewéi deen aner.

Vill Juristen, Pedagogen, Dokteren an Affekote këmmeren sech hei drëms, dass kee soll benodeelegt ginn. Erzéiung gi mer am beschte ganz a gratis an Hänn vu Professionellen, déi eis Kanner dann op Erausfuerderunge vun der Zukunft preparéieren.

Op een dat elo gutt fënnt oder net? Sécher ass, dass dat nëmmen da méiglech ass, wann een an engem Land wunnt wou et dofir déi néideg finanziell Méiglechkeete gëtt. Erausfuerderunge vir Zukunft gi méi wäit ewéi Liesen a Schreiwe léieren. Et muss ee selwer seng Kompetenzen aschätzen a verkafen, sech sozial an interkulturellen Aarbechtsgruppen abanne kënnen. Global digitalvernetzt schaffen a méiglechst mobil sinn.

Wat béi eis Realitéit an e Recht ass, ass op Haiti, vir déi allermeeschte „Science Fiction". Et ginn awer och do vill motivéiert jonk Mënsche mat Talenter an Ambitiounen déi et dowert sinn ze entwéckelen.

AAH probéiert emol mam Liesen, Schreiwen a Rechnen unzefänken, vill Energie hu mer a Verbesserung vum Schoulalldag op der Rivière Froide investéiert a mat engem néien Directeur pédagogique eng Persoun fonnt, déi dat och ëmsetze kann. Ech hoffen, dass hien nach en puer Joer béi eis bleift an zesumme mat eisem Comité dofir suergt, dass och en puer Mënschen op der aner Säit eventuell vun deene selwechte Chancë profitéiere kennen.

***Rob Theisen***


## *Impressum*

Datum Mäerz 2019
Fotoen & Texter Comité AAH et auteurs invités
Oplo 250 Stéck
Layout Comed
Dréckerei Reka print+

# Am Laf vum Joer 2018 ass vill geschafft ginn





Hannert dem Haus ass de Rescht Clôture installéiert ginn, sou dat den Terrain elo no hannen komplett geséchert ass.



Méi hannen um Terrain ass en Hangar gebaut ginn, fir eis Génératrice an Waasserpompel a soss Material propper a vum Ree geschützt ënner ze kréien.



2









Et ass e grousse Waassertank kaf gi fir d'Reewaasser vum Dag opzefänken. Déi 3 Tanke stinn um Gebai vun der Toilette a sollen d'Jongen a Meedercherstoilettë mat Waasser beliwweren.

Bei der Entrée vun eiser Schoul ass eng Loge fir de Portier gebaut ginn. Dëst soll d'Sécherheet an d'Opsiicht um Terrain verbesseren.














An der Kiche vun eiser Schoulkantinnen ass frësch ugestrach ginn, e neie Plafong gemaach ginn, an 2 Déscher gebaut gi fir drop ze schaffen.

# Sensibiliséierung zu Lëtzebuerg



## *Als Comité vun AAH probéiere mir och zu Lëtzebuerg sou vill wéi méiglech Präsenz ze weisen an ëmmer erëm nei Leit hei am Land zum Thema Haiti ze sensibiliséieren. Hei eng Zesummefaassung vun eise gréissten Aktivitéiten 2018 zu Lëtzebuerg:*







Den 21. Abrëll huet AAH eng nei Formule vun der „Marche fair“, de „Nat´OUR Tour“ ausprobéiert. 9 Comitésmemberen hunn sech eng ganz Rei Pätteren a Giedele gesicht, déi si pro Kilometer um 18 km laange Wanderwee am Éislek laanscht d´Our gesponsert hunn.

Mat der Participatioun um „Festival de l´Ésprit Critique“, den de 9. Juni vun der ONG „OTM Haiti“ op der „Place Clairefontaine“ organiséiert gouf, huet AAH zesumme mat villen aneren Acteure probéiert d´Visiteuren zum nodenken ze bréngen an hinnen eng aner Approche zum alldeegleche Liewen ze weisen. D´Benevollen hunn an dem Kader e flotten Atelier fir Kanner proposéiert a ware mat engem Info- an Artisanat-Verkafsstand vertrueden.

De 15. August war bei der gëlle Fra, ënnert der Organisatioun vun der Stad Lëtzebuerg den alljäerleche „MeYouZik“. AAH war ewéi all Joer, am Kader vum kooperative „Me You Village“ mat engem Informatiouns-, Artisanat- a Leckereien-Verkafsstand op der Plaz an dëst mat vill Erfolleg.



Den traditionelle „Lunch fair" vun AAH gouf de 14. Oktober „A Mouschelt" zu Lëntgen organiséiert. D´Recette vum Lunch waren ewéi ëmmer zu Gonschte vun de verschiddene Projet´en, souwéi vum Fonctionnement vun der Schoul „Le Réformiste" an Haiti. Dës Editioun konnt sech als neit Rekordjoer verzeechnen.

Nei am Aktivitéiteplang war dëst Joer, dass AAH den 8. a 9. Dezember um Steeseler Chrëschtmaart, organiséiert vun der Kulturkommissioun an der Gemeng, deelgeholl huet. Hei kruten d´Visiteure waarm haitianesch Spezialitéiten an Artisanat aus Haiti gebueden.

Säit Mëtt 2018 schafft AAH am Kader vun der Sensibiliséierung, dem haitianeschen Artisanatsshop an der Finanzéierung vun de Studentebourssen an Haiti, zesumme mat hire Frënn vun „Angels for Haiti Luxembourg – a.s.b.l.".

AAH hofft op eng laang a weiderhin erfollegräich Zesummenaarbecht a seet villmools Merci fir d´Ënnerstëtzung

***Catherine***

# Schoul „Le Réformiste“



Säit geraumer Zäit gouf et puer bemierkenswäert Verännerungen um Niveau vun der Direktioun an eiser Schoul zu Carrefour. Et gouf e puer Ännerungen op administrativer Ebenen, mee et ass virun allem déi alldeeglech Aarbecht mat de verschiddenen Enseignanten déi vun engem neien Direkter garantéiert gëtt, déi sech positiv entwéckelt hutt . Hien heescht Sermeuil Samuel a kontrolléiert a stellt sécher dass all Professeren hire Cours virbereeden, hien hëlleft hinnen awer och dobäi an observéiert reegelméisseg hir Coursë fir längerfristeg d'Qualitéit vun dësen ze erhéijen. Desweidern, steet hien och am permanenten Austausch mat den Elteren, wat och en positiven Impakt op Schoul huet. Et ass zum Beispill elo geplangt, eng Elterevereenegung ze grënne fir Communication mat de Responsabele vun der Schoul ze verbesseren.

Wéi bei eis hei zu Lëtzebuerg och, ginn et verschidden Deeg am Joer déi fir Kanner zu Haiti méi speziell sinn. Bei eis kéint jo och mol de Kleeschen a Schoul oder Kanner komme fir Fuesent verkleet an de Cours. Zu Haiti ass dëst net anescht. Op sou engem Dag, gesäit de Schoulalldag selbstverständlech aneschters aus wéi soss! Den Direkter a Professere bereede fir sou Deeg speziell Aktivitéite fir. De Fokus läit de Moment da méi op Sangen, Danzen, Bastelen oder och Sport. Fächer also, déi oft am verglach zu den Haaptfächer ze kuerz kommen. Mee selbstverständlech hunn Schüler och méi Freed dorun op engem Feierdag ze sangen, ze danzen oder ze bastele wéi ze rechnen, Vokabelen op ze soen oder ze schreiwen.

Op sou engem Feierdag gëtt engem och oft virun Ae gefouert dass Schoul méi ass wéi nëmmen ee Gebai wou Schüler bei Proffe komme fir eppes ze léieren. Dass och enge Platz vum Zesummeliewen an zesummen erliewen. Et ass net ongewéinlech, dass den Direkter seng Schüler op engem Feierdag a Schoul invitéiert fir dass sinn do all zesumme puer Aktivitéite maachen. Dat kënne méi sportlech Spiller sinn, dat kennen awer och Bastele vun engem Draach sinn.

An eiser Schoul op der Rivière Froide gëtt natierlech och geschafft. Den Dag geet fir Schüler am Primaire um 7 Auer moies lass. Si stellen sech virum





Fändel op a sangen hir Nationalhymne léicht sinn an hir Klassesäll ginn. D'Kanner aus der Spillschoul fänken hire Schouldag um 8 mat enger ähnlecher Zeremonie un.

Déi wichtegst Fächer am Primaire si Créole (den Haitianer hir Mammesprooch), Franséisch, Mathe, Geo, Geschicht a Bio. An der Spillschoul, wou Kanner 3 Joer verbréngen, léieren se och scho schreiwen a rechnen. D'Kanner mussen och do schonn um Enn vun all Trimester eng Prüfung schreiwen. Am Primaire, gi Schüler systematesch op Exame virbereet, déi um Enn vun all Trimester statt fannen. Desweidern huet eisen neien Direkter, de Sermeuil Samuel och agefouert dass d'Kanner all 3-4 Wochen en klengen Test schreiwen. Op des Manéier verhale Kanner dat wat geléiert gouf besser, well se sech sou reegelméisseg mat de verschiddene Fächer beschäftegen an net léicht kuerz virun den Examen. Desweidern gouf och agefouert dass déi bescht Schüler aus all Klass um Enn vum Trimester belount ginn. Dëst si just kleng Ännerunge mee si maachen sech an de Resultater vun de Kanner bemierkbar. Ech perséinlech hoffen dass eis Schoul sech an nächster Zäit, och dank ärer Ënnerstëtzung, weiderhi positiv entwéckelt, schliisslech gëtt aus all Schüler, en zukünftege Bierger, den Zukunft vu sengem Quartier a Land positiv ka matgestalten.

***Philippe Rasqué***

# L'origine des lampes



Autrefois, le ciel était tout près de la terre. Lorsque le soleil se couchait, les hommes n'avaient pas besoin de lampes pour s'éclairer, car les étoiles brillaient autant que l'astre du jour. Mais leur lumière était douce, une belle couleur bleue.

Il y avait alors une très, très grande femme. Quand elle s'asseyait au bord de l'eau pour laver son linge, sa tête dépassait les montagnes.

Un matin que la femme balayait sa cour, les nuages s'amusèrent à lui faire des agaceries, lui chatouillaient le cou, lui tirant les oreilles. Ils étaient de bonne humeur, ce jour-là, parce que le soleil les avait habillés de jolies couleurs roses et dorées. Mais il se trouvait que la femme entendait mal la plaisanterie. Elle ne tarda guère à se fâcher.



Lampe bobèche – Lampe tête Gridap (lampes qui brûlent le kérosène ou le gaz blanc)

« Dites donc, petits effrontés, allez-vous me laisser tranquille à la fin ? » grogna-t-elle en fronçant les sourcils.

C'était comme si elle ne leur avait rien dit. Les nuages lui entraient dans les oreilles, la bouche, le nez, les yeux. Aussi bien, à ce traitement, sa tête bourdonnait, et elle n'arrêtait pas d'éternuer, de tousser et de pleurer.

« Si vous n'arrêtez pas de me tourmenter, leur dit-elle, je vous chasserai d'ici à coups de balai. »

Les nuages éclatèrent de rire et continuèrent de plus belle à lui faire des agaceries.

« Allez-vous-en ! », cria-t-elle à la fin.

Et elle les frappa rudement de son balai, les frappa, les frappa, les frappa ! Les nuages se sauvèrent. Le ciel pris de peur, lui aussi, se retira. Il monta haut dans l'espace, loin, très loin de la terre, là où il est encore aujourd'hui.

Et lorsque le soleil se coucha, la nuit vint. Et les hommes furent obligés d'allumer des lampes pour s'éclairer, car le ciel s'était tellement éloigné de la terre que la lumière des étoiles, affaiblie par la distance, ne permettait plus de bien voir comme avant.

C'est depuis ce jour-là, qu'il nous faut allumer des lampes lorsqu'arrive le soir.

***(Ulysse Pierre Louis)***

# Bourses d'études 2018/2019



Wéi och schonn an de Jore virdrun ënnerstëtzt Action Avenir Haiti eng Rei jonk Leit déi wëllen e Beruff erléieren, mee déi heifir net déi néideg finanziell Moyen'en hunn. Et ass leider esou, dass an Haiti d'Schoul, wéi och d'Beruffsausbildung, net gratis sinn, a fir vill Leit heescht dat, dass sinn ouni Ënnerstëtzung keng Ausbildung maache kënnen.

All Joers kommen eng Rei Demanden un der Rivière Froide un. De Comité vun der Agence préift no engem Gespréich mat den Demandeuren, ob si kënnen eng Bourse bei eis kréien. Et ass eis hei virun Allem wichteg, dass dës Leit ganz sérieux un hir Formatioun eruginn an dofir mussen sinn och reegelméisseg all Dokumenter, vun der Aschreiwung bis op Examensresultater, kënne virleeën.

Dëst Joer gëtt et allerdéngs en neie Moment an eiser Finanzéierung: Matt de „Angels for Haiti Luxembourg" hu mir e Partner fonnt, dee gewëllt ass d'Bourssen ze iwwerhuelen. Dat heescht, dass mir als AAH nach ëmmer d'Organisatioun ewéi och d'Kontroll vun de Bourse maachen, mee d'Angels for Haiti Luxembourg garantéieren de Finanzement duerch Aktiounen, déi sinn hei zu Lëtzebuerg – sief et mat eis zesummen oder eleng - organiséieren.

Dofir, och am Numm vun all den Demandeuren, e grousse Merci un eisen neie Partner!






## *Hei da elo eng Opléschtung vun de Bourssen déi fir d'Schouljoer 2018/2019 ugeholl goufen:*

| Numm | Ausbildung | Joer | Verbléiwent Joer | Accordéiert Käschte |
|---|---|---|---|---|
| THERANIS Elizé | Bibliothéconomie | 2 Joer | 1 Joer | 200 € |
| DISEUS Patricia | Secrétariat | 2 Joer | 1 Joer | 305 € |
| BORNEUS B. Elizabeth | Secrétariat | 2 Joer | 1 Joer | 144 € |
| JEAN Maylie | Tech. Agricole | 2 Joer | 2 Joer | 305 € |
| LABORDE Jennie | Tech. Agricole | 2 Joer | 2 Joer | 349 € |
| BELIZAIRE Carla Stéphanie | Réfrigération | 3 Joer | 3 Joer | 349 € |
| MESILUS Marc Luckens | Informatique | 4 Joer | 2 Joer | 240 € |
| DUVERGER Samuel | Couture | 2 Joer | 2 Joer | 305 € |
| FARAH Louis | Ferronnerie | 3 Joer | 3 Joer | 279 € |

Vun dësen 9 Boursse sinn der 6 déi d'läscht Joer schonn iwwerholl goufen, an et sinn der 3 nei dobäi komm. Am Ganze sinn also ronn 2.500 € iwwerwise ginn.

Am Abrëll dëst Joer, wäerte mir eis mat den Demandeuren zesummesetze fir ze kucke wéi hir Formatioun ofleeft.



# *Inflation, corruption, inégalités : le cercle vicieux de la paupérisation d'Haïti*



*Dëst ass een Original-Artikel aus der haitianescher Zeitung „Le Nouvelliste" vum 11.01.2019, deen déi aktuell finanziell Situatioun op Haiti relativ gutt beschreift an erkläert.*




## Économie

Dans le dédale des constructions anarchiques qui s'étale sur les collines de Port-au-Prince, les Haïtiens les plus pauvres subissent durement les conséquences d'une forte inflation, d'une corruption au long cours et, depuis quelques mois, de la dévaluation de la monnaie.

À Fort National, quartier à moins d'un kilomètre du palais présidentiel, maisonnettes en béton et simples abris de fortune en tôles et bâches de plastique se serrent le long de chemins étroits, parcourus d'eaux usées et jonchés d'ordures.

Henry Germain cherche auprès de ses voisins un petit boulot pour pouvoir acheter son repas du soir. En vain. Sans travail depuis dix ans, il ne survit que grâce aux quelques dizaines de dollars envoyés chaque trimestre par un cousin vivant aux États-Unis.

« En décembre, comme il y a plein de fêtes, j'avais l'habitude de me faire plaisir, d'acheter des chaussures neuves et de nouveaux vêtements. Cette année, je ne peux rien faire, les prix sont trop chers : tout part dans la nourriture », confie l'homme de 44 ans.

Des vêtements, Elina Jean-Louis n'en manque pas. Sa petite maison aux murs de tôles est encombrée de textile d'occasion, mais elle ne veut plus se rendre au marché le revendre à cause des gangs qui s'y affrontent pour en prendre le contrôle.

« De toute façon, les clients refusent de payer plus alors que moi j'achète les lots de vêtements bien plus cher qu'avant », se lamente cette commerçante de 32 ans, contrainte aussi désormais à se restreindre au quotidien.

« Avant, j'achetais régulièrement du poulet, mais je ne peux plus me le permettre. Même les bananes sont devenues trop chères pour moi », confie-t-elle, tout en veillant à ce que son fils de 4 ans finisse son assiette de riz accompagné seulement de légumes.

Pour Elina et Henry, « avant » remonte au temps où la gourde était stable par rapport au dollar américain. Mais depuis l'été, la monnaie haïtienne a perdu près d'un tiers de sa valeur.

Une dévaluation lourde de conséquences dans un pays important quatre fois plus qu'il n'exporte. Insupportable pour les 60% de la population qui vivaient déjà sous le seuil de pauvreté, la hausse des prix induite est également rude pour la classe moyenne déjà très réduite.

## Cohabitation

« Beaucoup de parents ont des difficultés pour scolariser leurs enfants car ils doivent choisir entre mettre de la nourriture sur la table et envoyer l'enfant à l'école », relève l'économiste Kesner Pharel, s'inquiétant des inégalités grandissantes.

« Les chiffres sont édifiants : les 20% les plus riches d'Haïti contrôlent plus de 60% des richesses et les 20% les plus pauvres ont moins de 2% des richesses. Cette cohabitation de villas et de bidonvilles est une situation explosive, un cocktail extrêmement dangereux comme on l'a vu en juillet », prévient-il.

La tentative du gouvernement le 6 juillet d'augmenter le prix des carburants jusqu'à 51% a entraîné une révolte à travers le pays, avec des violences en particulier à Port-au-Prince où des incendies volontaires et des pillages ont été répertoriés. Au moins quatre personnes ont été tuées.

Pour essayer de répondre aux besoins les plus urgents, l'exécutif a présenté jeudi devant le parlement une loi de finances prévoyant de doubler le budget du ministère de la Santé, tandis que celui du ministère des Affaires sociales bondirait de plus de 40%.

Pour financer ces mesures, le gouvernement table sur une augmentation de 75% des recettes douanières. Elle semble présager un plan de lutte contre la contrebande.

Sur la seule frontière terrestre, avec la République dominicaine, la perte pour l'État haïtien en droits de douane est estimée à 500 millions de dollars par an.


« On ne parle pas là de ceux qui passent à moto ou à dos d'âne, mais de gros camions voyageant avec des gens lourdement armés et qui passent comme ça, sans déclarer leur marchandise », dénonce George Sassine, président de l'association des industries de Haïti.

Selon lui, « la contrebande profite à une minorité qui comprend des sénateurs, des députés et aussi des personnes du secteur privé, car il faut bien écouler cette marchandise ».

Mais l'omerta prévaut à cause des carences et de la corruption du système judiciaire.

C'est cet enrichissement illicite de la classe politique qui est dénoncé par les Haïtiens les plus pauvres.

« Les politiciens ne savent rien de notre misère. Demandez-leur le prix du sac de riz, ils ne savent pas. Quand on a de l'argent on ne s'en soucie pas, mais moi je meurs à petit feu. Eux sont bien gras, moi je n'ai que mes os », déplore Henry Germain, levant son t-shirt trop grand pour montrer ses côtes saillantes.



# News





## Haiti-Aktuell

Die Proteste in Haiti hatten am 7. Februar begonnen. Seither kommt es immer wieder zu grösseren Demonstrationen in der Hauptstadt Port-au-Prince und weiteren Städten. Die Menschen demonstrieren gegen Präsident Jovenel Moïse und fordern seinen Rücktritt. Sie werfen der Regierung vor, Geld aus einem Hilfsfonds veruntreut zu haben, dass für den Wiederaufbau nach dem verheerenden Erdbeben 2010 mit Hunderttausenden von Toten verwendet werden sollte.

## Lebensfrohe Menschen

Obwohl die Menschen in Haiti so arm sind, sind viele von ihnen sehr lebensfroh. Das sieht man zum Beispiel an vielen bunten Bildern. Überall sind sie zu sehen: an Straßenverkaufsständen, auf Bussen, an Hauswänden. Die Künstler sitzen oft in den Straßen der Hauptstadt Port-au-Prince und malen, was sie in ihrem täglichen Leben alles sehen.

## Haiti erklärt für Kinder

Warum demonstrieren die Menschen in Haiti?



# Parrainage

LU

D'Rivière Froide ass ee relativ aarme Quartier, wou vill Kanner wunnen, déi keng Elteren méi hunn, oder deene hir Famill keng Méiglechkeet huet fir d'Schoulgeld ze bezuelen.

Aus dësem Grond huet AAH een anonyme Parrainage an d'Liewe geruff. Fir 30 Euro de Mount kënnt Dir et engem Kand erméiglechen an dëser Schoul Liesen a Schreiwen ze léieren. AAH ass der Meenung, datt et méi gerecht ass fir all d'Kanner, wann dëse Parrainage anonym bleift.

Dir kënnt Pätter oder Giedel vun engem Kand ginn, andeems Dir all Mount 30 €, oder eemol d'Joer 360 €, op folgende Kont iwwerweist:

CCPL:
**IBAN LU81 1111 2342 0345 0000**
mam Vermierk „**Parrainage**"

---

Weider Informatioune fannt Dir op **www.aah.lu** oder iwwert Mail: **contact@aah.lu**

FR



Rivière Froide est un quartier assez pauvre où habitent beaucoup d'enfants monoparentaux et/ou démunis dont les parents ne peuvent pas payer les frais d'écolage.

Grâce à 30 € par mois de don, vous permettez à un enfant d'apprendre à lire et à écrire. Cependant, ce parrainage est anonyme parce qu'AAH est d'avis que cet anonymat garantit une meilleure égalité des chances pour chaque enfant.

Vous pouvez parrainer un enfant en faisant un virement de 30 € par mois ou 360 € par an sur le compte bancaire suivant :

CCPL :
**IBAN LU81 1111 2342 0345 0000**
avec la mention « **Parrainage** »

---

Plus d'informations sur **www.aah.lu**
ou par e-mail : **contact@aah.lu**

News 2019

**Action Avenir Haïti asbl**
41a Montée Willy Goergen
L-7322 Steinsel

T (+352) 621 750 159
T (+352) 621 182 548

contact@aah.lu
www.aah.lu
CCPL LU81 1111 2342 0345 0000